

A FORM

FIRWAT AFORM ?

Merci fir Ären Interesse un eisem Fitness Coaching Center. Am Süden vun eisem Land hutt Dir e grouse Choix am Fitness Beräich. Dofir wëlle mir lech erklären wat eis ënnerscheid, a firwat Dir sollt AFORM kommen.

Zu Lëtzebuerg ass de Standard am Fitness Beräich eiser Meenung no net héich genuch. De Beruff vum "Fitnesscoach" oder "Personal Trainer" ass net protegéiert a gëtt vum Staat net offiziell unerkannt. Dat ass net nëmmen een enormen Verloscht u Qualitéit. Mee och vir de Client ass et ganz schwéier ze erkennen ob en et mat engem qualifizéierte Coach ze doen huet oder eben net.

Méi bedenklech ass awer, dass de Fitness Centeren Verkafszuelen an Ënnerschrëften méi wichteg gi sinn ewéi d'Resultater vun hire Clienten. D'Qualitéit vum Personal Training ass extrem niddreg, effektiv Trainingsprogrammer si schwéier ze fannen a qualifizéierte Coaching ass ze seelen ginn.

Mir hunn AFORM lancéiert, well mir gär d'Léisung fir dës Problemer wëlle sinn. Dat ass eis Motivatioun. Mir schaffen all Dag mat der Gesondheet a mat der Fräizäit vun eise Clienten, an dat respektéiere mir.

Eis Ziel ass et déi beschten Fitness Aoriichtung an eiser Géigend ze sinn. Mir hu qualifizéiert Coachen, déi genau "wëssen vu wat se schwätzen". Mir schaffe professionell a wëllen eis permanent weider entwéckelen. Eis Trainingsmethoden sinn aktuell, an um neisten sportwëssenschaftlechen Stand. Mir ginn eise Clienten alles wat mir wëssen, an alles wat mir kënnen. Dat erhéicht net nëmmen d'Effektivitéit vum Training, mee och Är Chancen op Resultater.

Mir sinn eis awer och bewusst, dass et ëmmer einfach ass ze schwätzen. Sécherlech ass all Coach dovun iwwerzeugt an deem beschte Fitness Center ze schaffen.

Wat eis wirklech zum Rescht ënnerscheid, ass eisen individuellen Coaching. Bei eis sidd Dir net nëmmen eng Nummer an eng Ënnerschrëft. Bei eis ginn et keng frais d'inscription a keng Mindest-Lafzäiten. Am Kader vun engem éischten, perséinlechen Berodungsgespräch versiche mir fir all

Client déi beschten Strategie erauszefilteren an auszuschaffen.
Et ass Äert Ziel an Är Motivatioun déi de Wee virgëtt.

Konkret heescht dat zum Beispill, dass Dir flexibel iwwer d'Lafzäit vun Ärem Abonnement bestëmmen kënnt. Onofhängeg vun engem Abo kënnt Dir awer och Personal Training buchen oder an eise Gruppe Coursen trainéieren. Motivéiert et lech op e bestëmt Ziel hin ze schaffen, da sinn eis spezifesche Programmer oder Workshopsen fläit eppes vir lech. Dir hutt d'Méiglechkeet alleng, an enger Grupp oder no engem Programm ze trainéieren.
Dir trainéiert genau sou wéi Dir wëllt. Mir si flexibel.

Wichtig ass, dass Dir Erfolleg hutt. Mir loosse eis un Ären Resultater moossen. Firwat sollt Dir och trainéieren wann d'Resultater ausbleiwen?

Bei AFORM trainéiere mir individuell an effektiv. Mir si bewusst kee vun deene bëllegsten Fitness Centeren. Mir kennen net den Usproch hunn de beschten Fitness Coaching Center ze sinn, a gläichzäiteg de bëllegsten. Dat ass net méiglech. Eis Präisser si fair. Wann d'Präisser awer Ären Haaptcritère sinn, da sidd Dir wahrscheinlech net frou bei eis. Schlechte Coaching, keng Qualitéit, keng Flexibilitéit a keng Resultater ginn Hand an Hand mat klengen Präisser a bëllegen Abonnenter. Mee dat ass net eis Philosophie.

Wann Dir awer onbedéngt Resultater, an eppes erreechen wëllt. Wann Dir Wäert op Qualitéit an ee gudde Coaching leet. Wann Dir effektiv, ofwiesslungsräich an interessant Trainer gëtt. Dann ass AFORM genau dat richteg fir lech.

Merci dass Dir eis d'Chance ginn hutt eis virzestellen. Macht lech e Bild vun AFORM a kommt bei eis laanscht. Dir hutt och d'Méiglechkeet direkt e Rendez-Vous fir e Berodungsgespräch bei eis auszemaachen.

Dëse Rendez-Vous ass natierlech fir näischt. Loosst lech detailléiert erklären mat wéi enger Strategie Dir wäert Resultater hunn.

Kommt AFORM.

Jeff Paulus - Manager AFORM SARL